N° 7598
Entrée le 15.02.2023
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 15.02.2023)

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 15/02/2023

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Sport weiderzeleeden.**

Eng medezinesch Kontroll an engem Centre médico-spotif ass eng noutwenneg Viraussetzung fir zu Lëtzebuerg eng Lizenz fir de kompetitive Sport ze kréien. De Sportsdokter hëlt d'Decisioun, op een als Sportler dierf kompetitiv Sport maachen oder net. Decisioune vum Sportdokter kënnen ee schützen, si kënnen awer och am Contraire zu dem stoen, wat aner Spezialiste festgestallt hunn.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Wei vill Prozent vun de Leit, déi an de leschte 5 Joer fir eng Lizenzerneierung bei de Sportsdokter gaange sinn, goufen zäitweileg inapte oder komplett inapte erkläert?
2. Wat sinn déi 3 heefegste Grënn fir dës Decisioun vum Sportsdokter?
3. No enger Visitt bei engem Generalist oder Spezialist, wéi an sou engem Fall vum Médico virgeschriwwen, bei wéi ville Leit, déi inapte erkläert goufen, confirméiert den 2ten Dokter d'Analys vum Médico (a Prozent)?
4. Wat sinn déi 3 heefegste Grënn fir 2 ënnerschiddlech Analyse vum Médico an dem 2ten Dokter?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Deputéierten